naturpark.lu
Öewersauer · Our · Mëllerdall

École du Goût

Commune de Tandel

# Woch vum Goût

## 04.-09.05.2023

Am Kader vun der Ouverture
vun der École du Goût zu Branebuerg

Dans le cadre de l'ouverture
de l'École du Goût à Brandenbourg





## Buchpresentatioun „D'Rommel Bommel an hir Frënn“ mam Potty Lotty

Kanner op eng spilleresch Manéier op de Goût vum Geméis bréngen – dat ass d'Zil vum Kannerbuch „D'Rommel Bommel an hir Frënn“, dat an Zesummenaarbecht mam Charlotte Reuter, alias Potty Lotty, an der Illustratrice Lynn Cosyn entstanen ass.
Hei gëtt d'Buch net just virgestallt, mee och e spannenden, interaktive Schmaachatelier fir déi Kleng ugebueden.

## Présentation du livre « D'Rommel Bommel an hir Frënn » avec Potty Lotty

Faire découvrir aux enfants le goût des légumes de manière ludique - tel est l'objectif du livre pour enfants réalisé en collaboration avec Charlotte Reuter, alias Potty Lotty, et l'illustratrice Lynn Cosyn.
Le livre ne sera non seulement présenté, mais les petits pourront participer à des ateliers du goût interactifs.

DO/JE, **04.05.2023**
14h30 & 16h00 (Dauer/durée: 45 min.)
- D'Geschicht „D'Rommel Bommel“: 14h30-15h15
- D'Geschicht „Monsieur Petit Pois“: 16h00-16h45

All d'Geschichte sinn op Lëtzebuergesch. / Toutes les histoires sont en luxembourgeois.
Fir Kanner tëscht 3 an 8 Joer. / Pour les enfants entre 3 et 8 ans.
École du Goût 1B, Haaptstrooss L-9360 Brandenbourg
Umeldung noutwenneg / Inscription obligatoire
ecoledugout@naturpark.lu / 90 81 88 1



## After-Work mat Expo

Alem Patrimoine ass nees neit Liewen agehaucht ginn. Entdeckt déi „Al Millen“ & „Al Molkerei“ an hirem neie Look a reest unhand vun enger Fotos-Ausstellung vum Caroline Martin an der Zäit. Entdeckt och handgemaachte Keramik vun der Kënschtlerin Claudine Pint-Lieners (Creat'Our) a kommt iech déi nei Gebailechkeete ronderëm Musik, e gudde Patt an Häppercher ukucken.

## After Work avec expo

Le patrimoine ancien a retrouvé une nouvelle vie. Découvrez l'ancien moulin et l'ancienne laiterie relookés et voyagez dans le temps grâce à une exposition de photos de Caroline Martin. Découvrez également les céramiques artisanales de l'artiste Claudine Pint-Lieners (Creat'Our) et visitez les nouveaux locaux dans une ambiance conviviale.

FR/VE, **05.05.2023**
18h00-23h00
École du Goût 1B, Haaptstrooss
L-9360 Brandenbourg





## Genosswanderung

Erlieft d'Wanderweeër ronderëm Branebuerg eemol anescht. Mat faszinéierende Geschichten a spannenden Aktivitéite waarden eis Experten op iech a bréngen iech d'Natur an d'Kulturlandschaft als ganz bewosst Erliefnis méi no. Et erwaarden iech awer net nëmme wonnerschéi Landschaften, mee och kulinaresch gëtt vill gebueden. Vum Kaffi, iwwer d'Mëttegiesse bis bei den Dessert gitt dir mat Qualitéitsproduiten aus der Regioun vun den 3 Naturparke verwinnt. Kommt mat eis an d'Gespréich a gitt méi iwwer d'Handwierk, d'Geschichten an d'Mënschen aus der Ëmgéigend gewuer.
Kommt op de Goût op eiser Genosswanderung zu Branebuerg!

## Randonnée gourmande

Découvrez les sentiers de randonnée autour de Brandenbourg d'une manière différente. Nos experts vous attendent avec des histoires fascinantes et des activités passionnantes pour vous faire découvrir le paysage naturel et culturel consciemment. Des paysages magnifiques, mais aussi des plaisirs culinaires vous attendent. Du café au dessert en passant par le déjeuner, vous serez gâtés par des produits de qualité issus de la région des 3 parcs naturels du pays. Venez discuter avec nous et apprenez en même temps sur l'artisanat, les histoires et les habitants de la région. Venez prendre goût à Brandebourg.

SO/DI, **07.05.2023**
Startzäit / Heure de départ 9h00-14h30
(all hallef Stonn / toutes les 30 minutes)
ca. 2,5 Stonnen / environ 2,5 heures
3 km
Schwieregkeet / difficulté : mëttel, medium | nicht barrierefrei, pas accessible aux personnes à mobilité réduite
Erwuessener / adultes: 25€
6-17 Joer / ans: 10€
Kanner bis 5 Joer / enfants jusqu'à 5 ans : gratis / gratuit
Umeldung noutwenneg / Inscription obligatoire
ecoledugout@naturpark.lu / 90 81 88 1

## Schneekesch Filmvirstellung „Vu Buedem, Bauzen a Biobaueren“

Zu Branebuerg am Festsall gëtt an engem eemolege Kader de lëtzebuerger Erfollegsfilm vum Tom Alesch gewisen. Zesumme mat der Biovereenegung gëtt et passend zum Film verschidde Schneekegkeeten, déi natierlech aus biologeschem Ubau kommen.

*Mellt iech séier un, d'Plaze si limitéiert.*

## Présentation savoureuse du film « Vu Buedem, Bauzen a Biobaueren »

La salle des fêtes de Brandenbourg accueille dans un cadre unique le film luxembourgeois de Tom Alesch. En collaboration avec la « Biovereenegung », différentes friandises, bien entendu issues de l'agriculture biologique, seront proposées.
Le film est en langue luxembourgeoise. Il y aura des sous-titres en français et en anglais.

*Inscrivez-vous rapidement, car les places sont limitées.*

MO/LU, **08.05.2023**
Open doors: 18h30 ;
Filmvirstellung: 19h30
fräi Entrée & gratis Schneekegkeeten
Centre Culturel Brandenbourg
Umeldung noutwenneg
Inscription obligatoire
ecoledugout@naturpark.lu
90 81 88 1





Photos: Caroline Martin

# École du Goût

Zil vun der École du Goût ass et fir Kanner an Erwuessenen d'Freed un enger nohalteger, regionaler a gesonder Iesskultur méi no ze bréngen. Zu eiser Philosophie gehéiert et eis Workshoppen an Aktivitéiten am Austausch mat de Profien aus der Liewensmëttelbranche (Produzenten, Gastronomen, Eenzelhändler, ...) a mat vill Praxis um Terrain, respektiv an der Kichen, unzebidden. Sou plange mir eis Schmaachatelieren oft am Gaart, am Bongert oder um Haff an all eis fënnef Sënner ginn abezu fir eist Iessen an eis Kultur nach méi bewosst ze erliewen.

Mir freeën eis, iech op eiser Woch vum Goût begréissen ze dierfen!

L'École du Goût a pour but de rapprocher petits et grands des joies d'une culture alimentaire durable, régionale et saine. Notre philosophie consiste à proposer nos ateliers et activités en étroite collaboration avec les professionnels du secteur alimentaire (producteurs, restaurateurs, commerçants, ...) et de les mettre en pratique sur le terrain, respectivement dans la cuisine. Ainsi, nous planifions grand nombre de nos ateliers au jardin, au verger ou à la ferme, où tous nos cinq sens sont sollicités pour vivre notre cuisine et notre culture encore plus consciemment.

Nous nous réjouissons de vous accueillir lors de notre semaine du goût!

*Simone Dégardin & Laurent Baulesch*





## Waasserfest zu Wooltz

Aktivitéite fir Grouss a Kleng ronderëm d'Thema Waasser. Besicht um Waasserfest vum Naturpark Öewersauer de Stand vun der École du Goût. Et gëtt och d'Méiglechkeet moies un enger professioneller Waasserdegustatioun mam Rachel Reckinger vun der Uni Lëtzebuerg deelzehuelen.

## Fête de l'eau à Wiltz

Activités pour petits et grands autour du thème de l'eau. Lors de la fête de l'eau du Parc naturel de la Haute-Sûre, venez visiter le stand de l'École du Goût. Il est également possible de participer le matin à une dégustation professionnelle d'eau avec Rachel Reckinger de l'Université du Luxembourg.

- DE/MA, **09.05.2023** (Feierdag / jour férié)
- 10h00-17h00
- Kaul, Wiltz
- gratis / gratuit
- www.naturpark-sure.lu






naturpark.lu
Öewersauer • Our • Mëllerdall

Commune de Tandel

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire
Département de l'aménagement du territoire

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable